



- convaincue que les communes sont disposées à s'investir encore davantage, si elles ne sont pas freinées dans leur élan ;

- considérant toutefois les lourdeurs qui se dégagent pour les communes de l'interprétation de l'arrêt de la Cour administrative n° 43240C, telle que proposée par Madame le Ministre de l'Intérieur dans sa circulaire n° 3378 du 5 mars 2020 ;

- que ces lourdeurs proviennent de :

• la saisine du conseil communal pour prise de décision,

• la soumission de la décision communale pour approbation au Ministre de l'Intérieur, et enfin

• le respect de la procédure administrative non contentieuse,

alors que l'arrêt précité ne vise à proprement parler que le Fonds pour le développement du logement et de l'habitat ;

- considérant que le respect des termes de la circulaire revient à rendre quasiment impossible l'exercice du droit de préemption par les autorités communales,

invite le Gouvernement

- à retirer la circulaire n° 3378.

(s.) Laurent Mosar, Gast Gibéryen, Marc Goergen, Serge Wilmes.

► **Une voix.**- Très bien!

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Mosar.

## 3. 7595 - Projet de loi relatif à l'octroi de la garantie de l'État dans le cadre des instruments mis en place au niveau de l'Union européenne pour atténuer les conséquences socio-économiques du Covid-19

Den éischte Punkt vum Ordre du jour vun haut de Mëtteg ass de Projet de loi 7595 iwwert d'Staatsgarantie als Instrument, fir d'soziowirtschaftlech Konsequenze vum Covid-19 ofzeschwächen. Et hu sech schonn ageschriwwen: den Här Gilles Roth, den Här Claude Haagen, den Här François Benoy, den Här Roy Reding an den Här Sven Clement. An ech ginn direkt d'Wuert un de Rapporteur vun deem Projet de loi, den honorabelen Här André Bauler. Här Bauler, Dir hutt d'Wuert.

### Rapport de la Commission des Finances et du Budget

► **M. André Bauler (DP), rapporteur.**- Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, beim Gesetzesprojet 7595 geet et drëms, der Regierung d'Erlabnis ze ginn, fir der Europäescher Kommissioun an der Europäescher Investitiounsbank eng Staatsgarantie auszustellen.

Dës Staatsgarantie schreift sech an de Stabiliséierungsplang vun der Europäescher Unioun a mam Zil, fir déi sozial a wirtschaftlech Konsequenze vum Covid-19 ofzefiedere. An dëser sanitärer Kris, déi sech lues a lues awer sécher an eng ekonomesch Kris entwéckelt huet an nach entwéckele wäert, hu mer gesinn, dass jo all Memberstaate vum selwechte Schock erwëscht goufen, awer d'Ausmooss vun der Antwort vu Memberstaat zu Memberstaat ënnerschiddlech war respektiv ass.

Ville Memberlänner feelt haut de finanzielle Spillraum, den néidege Sputt, wéi de Pierre Gramegna ëmmer esou schéi seet, fir mat der erfuerderter Firepower dëser Kris entgéintzewirken. An deem Stabiliséierungsplang sinn dowéinst dräi Mesurë virgesinn.

Primo, de Programm SURE, deen de Memberstaaten Hëllef soll, fir déi effentlech Depensen eropzesetzen, fir Aarbechtsplazen ze schützen, andeems virun allem d'Kuerzaarbecht ënnerstëtzt gëtt. Hei sinn 100 Milliarden Euro virgesinn, déi zu 25 %, also 25 Milliarden, vun de Memberstaate garantéiert ginn. D'Kontributioun vu Lëtzebuerg beleef sech heibäi op maximal 105 Milliounen.

Secundo, de sougenannte Fonds de garantie européen Covid-19 gëtt gegrennt. Dese Fong, deen der Europäescher Investitiounsbank BEI ënnersteet, wäert an der Héicht vu 25 Milliarden Euro duerch d'Memberstaate garantéiert sinn.

D'Zil vun deem Fong ass et, fir sech um Finanzement vun den Entreprises a besonnesch de mëttelstännegen Entreprises, de PMEen, déi duerch d'Coronakris a Liquiditéitschwieriegkeete sinn, ze bedeelegen.

D'BEI proposéiert hei den Entreprises uechter ganz Europa e Mix vu Produite mat Hëllef vun de lokale Banke mat engem globale Volume

vun 200 Milliarden Euro, fir se ze ënnerstëtzen. De Bäitrag vu Lëtzebuerg beleef sech hei op maximal 25 Milliounen Euro.

Tertio, de Méchanisme européen de stabilité, ESM, stellt de Memberstaaten Ligne-de-crédite bis zu 2 % vum PIB vun der Eurozon, soit 240 Milliarden Euro, zur Verfügung. Dës Kreditter sinn u keng makroekonomesch Konditionalitéite gekoppelt, wann d'Fongen direkt oder indirekt am Kampf géint de Covid-19 agesat ginn.

D'Sträiche vun der Konditionalitéit ass e Meilesteen an déi richteg Richtung, fir an Europa och an Zukunft besser zesummenzeschaffen. Dese Projet de loi, iwwert dee mer also haut schwätzen, wäert awer nëmmen déi zwou éischtgenannte Moossname viséieren, also de SURE-Programm iwwert d'Kuerzaarbecht an de Fonds de garantie vun der Banque européenne d'investissement.

D'Zomm vun de Garantien, déi Lëtzebuerg am Kader vun dësen zwéi Instrumenter bäisteiere muss, beleef sech op den Total vun 110 Milliounen Euro, 77 Milliounen fir de SURE-Programm an 33 Milliounen fir de Fonds; also de Fonds européen de garantie, fir prezis ze sinn.

Fir der Regierung awer eng Flexibilitéit ze loosse, falls d'Force de frappe fir dës Instrumenter erhéicht misst ginn, stinn an deem Projet de loi 150 Milliounen Euro, à savoir 105 Milliounen Euro fir de SURE a 45 Milliounen Euro fir de Fong, zur Verfügung.

Mir hunn an der Finanz- a Budgetskommissioun vun Finanzministère Prezisiounen gefrot zu den Ëmstänn, ënnert deenen dës Garantie missten debourséiert ginn. Eis ass vergewëssert ginn, datt et hei net ëm e Vergemeinschafte vun de Scholde geet, eng Mutualisation des dettes, wéi ëmmer gesot an dacks kritiséiert gëtt, mee et geet vill méi drëm, eng Hiewelwierkung ze erzielen, also déi gehiewelt Force de frappe ausenotzen, déi d'Memberstaaten zesummen opbrénge kënnen, wa mer zesummen agéieren, amplaz dass jiddereen a sengem Eck Moossnamen ergräift an domat en eegene Wee geet.

Besonnesch ass dës fir d'Memberstaate mat engem mander gudder Rating wichteg, déi soumat dank dem Triple-A vun der EU relativ gënschteg hir Mesuren an der Lutte géint de Koran..., Coronavirus - en Zungenbrecher - finanzéiere kënnen. Et geet ëm d'Verdeelung vun de Risiken, de „risk sharing“, deen um europäeschen Niveau soll gedeelt ginn, an net ëm d'Mutualiséierung vu Scholden. Dat soll hei nach eemol ënnerstrach sinn.

Dowéinst gesäit och d'Fiche financière zu deem Gesetzesprojet keen direkten Impakt op de Staatsbudget vir. Op Lëtzebuergesch gesot: Mir müssen hei d'Suen net direkt op den Dësch leeën, wéi dat och op Nofro vun Deputéierten an der Finanzkommissioun vu Beamtesäit, nämlech vun Här Nima Ahmadzadeh aus dem Finanzministère, gesot a preziséiert gouf.

Wat de SURE-Programm ugeet, gëtt d'Probabilitéit, datt d'Garantie gezu misst ginn, als éischter geréng ageschat, vu datt d'Destinataire Memberstaate sinn. D'Garantie erlaabt et jo, datt d'Europäesch Kommissioun d'Kreditter méi gënschteg kann ophuelen, doduerch dass hiren Triple-A-Standard duerch d'Garantie vun de Memberstaate weider gestäipt gëtt.

Wat d'Garantie fir de Fonds de garantie européen Covid-19 bei der Banque européenne d'investissement, der BEI, ubelaangt, sinn d'Beneficiairen Entreprises. Do ass de Risiko vun engem Appel de garantie evidenterweis méi grouss, awer natierlech net am Virus ze bezifferen.

Här President, de Staatsrot huet sech a sengem Avis vum 9. Juli 2020 mam Zesummeschmelze vun deenen zwou Garantien an engem Article unique net d'accord gewisen. Vu datt d'Eegeschaften an d'Risiko vun den zwou Garantie verschidde sinn, missten déi zwou Garantien, aus Transparenzgrënn a fir der Chamber hir Kontrollfonctioun ze erméiglechen, preziséiert ginn.

De Staatsrot huet op Basis vum véierte Saz vum Artikel 99 vun eiser Verfassung eng Opposition formelle formuléiert. Dese Passage gesäit nämlech vir, Dir wësst dat, dass all Engagement vum Staat iwwer 40 Milliounen Euro iwwer e Spezialgesetz muss autoriséiert ginn. Aus deem Grund freet déi héich Kierperschaft, dass all Garantie hiren eegenen Artikel an deem Gesetzesprojet kritt.

D'Chambre de Commerce huet an hirem Avis vum 29. Mee de Stabiliséierungsplang vun der Europäescher Unioun begréisst, och wa se dovunner ausgeet, dass déi decidéiert Mesuren net wäerten duergoen, fir de Liquiditéitsbedürfnisser vun de Betriber Rechnung ze droen. D'Handelskummer freet, datt d'Ënnerstëtzung schnell an ouni onnéidegen administrativen Opwand ausbezuelt kënne ginn.

Eng lescht Remark vun der Chambre de Commerce viséiert de Programm SURE, deen och den Independanten zeguttkënnt, déi vun enger Baisse vun hirem Revenu a vun der Aktivitéit betraff sinn. Si géife sech eng gläichwäerteg Moossnam um nationalen Niveau wënschen.

D'Salariats- an d'Handwierkerkummer konnten duerch hir respektiv Aweise wichteg Remarken zu deem Gesetzesprojet formuléieren. Fir méi Detailer verweisen ech do op dee schrëftlechen Avis.

Dat gesot, bleift mer nach just, lech Merci ze soe fir d'Nolasschteren. Ech soen och emol eng Kéier op dëser Plaz Merci der Secrétaire-administrateur vun eiser Kommissioun, dem Caroline Guezennec, déi a leschter Zäit ganz vill Aarbecht och ze leeschten hat, an och dem Loris Meyer aus eiser Fraktioun fir déi administrativ an inhaltlech Begleitung a ginn dann och am Numm vun der DP-Fraktioun den Accord fir dese Gesetzesprojet.

Ech soen lech Merci.

► **Une voix.**- Très bien!

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Bauler. Als éischte Riedner ass den honorabelen Här Gilles Roth agedroen. Här Roth, Dir hutt d'Wuert.

### Discussion générale

► **M. Gilles Roth (CSV).**- Merci, Här President. Ech soen dem André Bauler och Merci fir säin extensive mëndlechen a schrëftleche Bericht. Ech ka weesentlech méi kuerz sinn a ginn d'Zoustëmmung vun der CSV-Fraktioun.

Ech wëll awer alleguerten deene Leit, déi sech mat dem Militärsatellitt beschäftegen, eng Kéier recommandéieren, d'LECTURE vun dem Avis vum Conseil d'État ze maache par rapport zur Applikatioun vum Artikel 99 vun eiser Verfassung, well deen huet eng ganz strikt LECTURE vum Artikel 99 vun eiser Verfassung. An alleguerten, déi gemengt haten, wéi 2018 d'Chamber in extremis de Militärsatellittsdossier gestëmmt huet, dass do niewent de Fabrikationskäschten och d'Gestiounskäschte scho mat beinhaltet wieren, ech mengen, déi wiere mat deem Avis vun dem Conseil d'État Lige gestrooft ginn.

Fir de Rescht ginn ech selbstverständlech d'Zoustëmmung vun eiser Fraktioun.

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Roth. Als nächste Riedner ass den honorabelen Här Claude Haagen agedroen. Här Haagen, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Claude Haagen (LSAP).**- Merci, Här President. Fir d'éischt géif ech gären a mengem Numm an och am Numm vun der LSAP dem Rapporteur Merci soe fir dee gudden an exzellente schrëftlechen a mëndleche Rapport.

Mir hu schonn e puermol hei iwwer Covid-19 geschwat, déi Pandemie, déi keng Staatsgrenze kennt a wou am Fong all Regione vun der Welt an net nëmme vun Europa betraff sinn. Et ass jo och schonn ugeklongen, datt mer am Fong hei vun enger sanitärer Kris op eng wirtschaftlech Kris komm sinn. Dofir kucke mer och a begrëssen och, wa mer d'Zuele gesinn, d'Fréijoersprevisiounen vun der EU-Kommissioun, wéi se de 6. Mee matgedeelt gi sinn, si reche mat engem Minus vu 7,5 % vum PIB an der EU fir dës Joer. Dës Zuel seet natierlech nëmmen een Deel vun der Wourecht, well verschidde Staaten, notament Italien a Spuenien, vill méi staark getraff gi si wéi de Grand-Duché, respektiv Länner wéi Griicheland a Portugal um sanitäre Plang relativ verschount bliwwen sinn, awer nach ëmmer ekonomesch ganz béis leiden an och béis getraff gi sinn, well hir Wirtschaft sech no der Finanzkris 2009 nach ëmmer net esou richteg erholl huet.

D'EU-Kommissioun grad ewéi d'Staats- an d'Regierungschefen hunn op d'mannst aus deem Émgang mat där Wirtschaftskris a Finanzkris vun 2009 geléiert. An ech hunn dat scho gesot am Kader vum Debat vum PSC, datt déi Clause dérogatoire générale, déi am Kader vum sougenannte Sixpack an de Pacte de stabilité et de croissance integréiert ginn ass, a Kraaft gesat ginn ass. Domadder sinn net nëmmen déi méi bekannte Maastricht-Krittären temporaire ausser Kraaft gesat, mee och d'Anhale vum Objectif à moyen terme, dat heescht vum OMT.

Den internationale Wärfong, IWF, hat fir déi global Wirtschaft am Abrëll e Minus vun 3 % fir 2020 geschat. D'Weltbank geet vun engem Minus vu 5,2 % aus. An den IWF wäert seng Previsiounen, ech mengen, de 24. Juni komme se eraus, warscheinlech nach korrigéieren, soudatt d'Schätzung vun den Zuelen an och alleguerten déi Entwécklungen, déi mer gesinn, viles vun där sanitärer Kris an an deem Fall och vun der Wirtschaft wäert ofhänken.

Dofir ass an eisen Aen als LSAP d'Wuert vun der Stonn „Solidaritéit“. An esou schwéieren Zäite wéi dese muss een dës Wuert mat Liewe fëllen. D'Europäesch Unioun muss op der Héicht si vun där Solidaritéit, déi den EU-Bier-

ger ganz einfach freet. Et ass gutt, dass d'Europäesch Zentralbank fir dës Joer virgesäit, europäesch Obligatiounen vu Staaten an Entreprises an Héicht vu méi wéi 1.000 Milliarden Euro um Marché secondaire ze kafen. Et ass och sécher net verkéiert, datt se dese Programm wäert bis Juni 2021 verlängeren. Sou hu mer momentan 20 % vun der Staatsschold vun de Länner vun der Eurozon an hirem Bilan.

D'europäesch Solidaritéit tëschen de Memberstaaten ass warscheinlech esou dréngend gefuerdert wéi nach ni virun. D'Solidaritéit daerf awer net just vun der Europäescher Zentralbank eleng verkierpert ginn. Et ass wichteg, datt d'EU no baussen e Bild vu Geschlossenheet a Reaktivitéit vermëttelt. Den Drock vun de Finanzmäert op Länner wéi zum Beispill Italien oder Spuenie muss sech a Grenzen halen. Et geet hei manner ëm d'Etikett vun der Hëllef, mee ëm de Prinzip, datt d'EU an där Solidaritéit zesummen handlungsfäeg bleift.

De Paquet an der Héicht vu 540 Milliarden Euro, op dee sech d'Finanzministere vun der EU den 9. Abrëll géeneegt hunn an ëm deen et hei geet, ass een éischte wichtige Schrëtt. Mee et geet awer och nach net duer, fir mëttelfristeg eng Relance ze erméiglechen. Den EU-Kommissär fir Economie huet ee Volume vun 1.000 bis 1.500 Milliarde genannt, deen néideg wier.

D'LSAP bleift weiderhin der Meinung, datt et vum Prinzip hier richteg wier, wann d'EU-Kommissioun kéint en europäeschen Emprunt ophuelen, deen un den EU-Budget ugegledert gëtt, sou wéi dat notament vun der franséischer Regierung a proposéiert ginn ass.

D'Ursula vun der Leyen huet hirsäits op hirer Pressekonferenz nom leschte Conseil vum 23. Abrëll d'Noutwendegkeet ënnerstrach, de Plafong vum järeleche Budget vun den Eegemëttel vun der EU fir zwee bis dräi Joer op 2 % vum europäeschen RNB eropzeschrauwen, amplaz vun aktuell 1,2 % vum RNB, andeems d'Memberstaaten d'Garantie fir déi Suen, déi d'EU-Kommissioun souscrivéiere léisst, dréit.

All déi, denken ech, déi nach ëmmer mengen, datt et eis net sollt këmmere, wann a verschiddeenen EU-Länner oder soss enzwousch an der EU europäesch Bierger a Prekaritéit gedréckt ginn an d'Economie an d'Kneie geet, déi gesinn déi vernetzte Relatiounen net an der Economie. Dofir brauche mer Solidaritéit. An déi Solidaritéit brauche mer net nëmmen an der Finanzpolitik.

Dir Dammen an Dir Hären, de Rapporteur ass schonn drop agaang: Déi dräi sougenannte Filets de sécurité, un deene sech och Lëtzebuerg mat deem Gesetz wäert bedeelegen, si wichteg. Virun allem d'Hëllef SURE ass an den Ae vun der LSAP en zentraalt Instrument, well et Aarbechtsplazen an domadder och d'Perspektive vu ville Salariéë queesch duerch Europa erhält. D'EU-Kommissioun geet an hirer makroekonomescher Projektion dovun aus, datt den Emploi an der Eurozon wäert ëm 4,7 % erofgoen, Spuenie mat minus 8,7 % an Italie mat minus 7,5 % wäerten hei am besonnesche Mooss betraff sinn. De Volume vun 100 Milliarden Euro, deen de Programm SURE huet, ass deemno batter noutwendeg.

D'LSAP begréisst och, datt sech d'Memberstaaten duercherongen hunn, fir 240 vun deene 410 Milliarden Euro aus dem ESM, deen 2012 opgebaut ginn ass, deene Memberstaaten zur Verfügung ze stellen, déi besonnesch vun der sanitärer Kris betraff sinn.

Et ass an eisen Aen immens wichteg, dass mer kee Memberstaat hänke loosse an dëser graver Situation. Wann d'LSAP begréisst, datt d'Memberstaate sech kenge strukturelle Reforme müssen ënnerzéien, ier se déi Kreditter aus dem ESM kréien, sou hätt mer an der EU allerdéngs den Deckel vun 2 % vum PIB pro Memberstaat net gebraucht. Am Fall vun Italien, an ech hunn dat scho gesot bei den Diskussiounen iwwert de PSC, mécht dat fir esou e Land knapps 36 Milliarden Euro aus. Fir e Land wéi Italien, dat esou schwéier getraff ginn ass, sinn déi Kreditter wuel méi eng Drëps op de waarme Steen.

Et wäert duerfir ëmsou méi drëm goen, datt de Plan de relance, dee wichteg ass, deen op EU-Niveau ausgeschafft gëtt, genuch Mëttel wäert hunn an dës Mëttelen och no de jeeweilege Besoine fair verdeelt ginn.

D'Propos, déi d'EU-Kommissioun Enn Mee op den Dësch geluecht huet, ass eng gutt Ausgangsbasis, och wa mir eis hei géifen nach e bësse méi Ambitiounen wënschen.

Als LSAP ass et eis doriwwer eraus och wichteg, dass de Gros vum Plan de relance a Form vu Subside kann ausbezuelt ginn. Finalement wëlle mir och ënnersträichen, datt et wichteg ass, datt mer net ze vill séier no der Kris erëm de Rimm méi enk schnallen. Mir müssen d'Economie och ootme loosse an déi Relance och ukomme loosse bei de Leit. An dat ass zum Wuel vun de Leit a vun Europa.

Ech soen lech Merci.





► **Une voix.**- Très bien!

**M. Fernand Etgen, *Président.***- Merci villmools, Här Haagen. Nächsten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här François Benoy. Här Benoy, Dir hutt d'Wuert.

► **M. François Benoy (*déi gréng*).**- Här President, Dir Dammen an Hären, et geet bei deem heite Gesetzesprojet ëm d'europäesch Solidaritéit, déi an der Vergaangenheet leider dacks ze kuerz komm ass. An dat ass positiv, an dofir huet dat heite Gesetz och eis voll Ennerstëtzung.

Europawäit ginn esou 540 Milliarden Euro zesummegeleucht, fir Aarbechtsplazen ze erhalen, fir Entrepreneuren ze ënnerstëtzen, fir d'Staatsfinanzen ze stabiliséieren an och am Kampf géint de Coronavirus. A fir Lëtzebuerg bedeit dat 150 Milliounen Euro an zwar a Form vu Garantien, déi am Fall vu Kredittausfäll agesat ginn.

Mat dësem Gesetzesprojet si mer solidaresch mat onse Partnerlänner an der Europäescher Unioun, deenen et manner gutt geet. An ons Economie selwer profitéiert jo och vill vun dem Bannemaart a mir si gutt duerch déi heite Kris komm, an dofir ass et och wichteg a richtig, dass mer eis Responsabilitéit huelen, fir deenen aneren, déi et brauchen, ze hëllefen.

Et gouf aus der Eurokris hei geléiert. Déi Hëllefen hei sinn net un Austeritéitsmesurë gekoppelt, déi e grouss Schued an de betraffene Länner ugeriicht hunn, zum Beispill duerch forcéiert Privatiséierung vum öffentleche Servicer, Kierzungen an de Sozialprogrammer oder an de Gehälter, déi zu Aarmut a Prekaritéit a betraffene Länner zum Deel gefouert hunn.

D'Investissementen an d'Infrastrukturen an och de Gesondheetssystem hu gelidden an deene betraffene Länner, an dat hu mer net méi spët eréischt wéi an där heite Kris geléiert. An dofir ass et wichteg, dass mer net déi selwecht Feeler maachen an dass mer staark öffentlech Servicer hunn an d'Investissementen och an deene Länner an Zukunft net vernoléisegen. An dofir ass dat heite Gesetz an déi heiten Aart a Weis virzegoen e wichtige Schratt, andeems mer amplaz vun enger Spuerpolitik Solidaritéit hei weise mam Rappel, andeems mer eng Garantie ginn.

Et ass och e gutt Zeeche fir d'Währungsunioun an och d'Zukunft vun der Europäescher Unioun, well mer relativ séier budgetär eng Äntwert ginn hunn op déi heite Kris, eng europäesch Äntwert. D'Europäesch Unioun huet gewisen, dass se handlungsfäeg ass. A mir hunn och gewisen, dass mer aus där leschter Kris geléiert hunn an nei Instrumenter konnten developpéieren.

A ganz onofhängeg vun deem Solidaritéitsgedanken, deen ech elo hei beschriwwen hunn, hu mer als Land och en Interêt, fir den anere Länner ze hëllefen, Länner wéi Italien, Spuenien, Griicheland, fir just si ze nennen, déi ferm verschält sinn, well esou risikéiere mer, eng nei Eurokris ze verhënneren, andeems mer déi Länner eeben net am Ree stoe loossen. An dovunner hu mir alleguerten eppes, dass mer hinnen hëllefen.

Här President, Dir Dammen an Hären, geet dat heiten dann elo duer? Dat heiten, wéi gesot, si Kreditter a Garantien, et si keng direkt Hëllefen. Et ass eng richtig éischt europäesch Reaktioun. Mee si ginn awer fir vill europäesch Länner net duer, menge mir.

Länner, déi virun der Kris schonn ugeschloe waren, müssen nei Scholden ophuelen, wann och zu bessere Konditiounen, wéi wa se dat géifen um früie Marché maachen. A mir brauchen elo zousätzlech europäesch budgetär Moyenen, fir de betraffene Staaten ze hëllefen an domadder d'Stabilitéit an der Eurozon och ze garantéieren. Et ass eppes, ech hunn et och scho gesot, wouvunner mer alleguerten eppes hunn, Gäichzäiteg och ass et d'Relance vun der europäescher Economie, eng Relance, déi natierlech muss gréng sinn am Respekt vun onsen Ziler am Klimaschutz an och aneren Ziler.

An déi méi schwach Länner, grad si kréien déi Relance net esou hin, wa mer hinnen net hëllefen, wa mer se net ënnerstëtzen. An et geet doduerjer hei och ëm d'Handlungsfäegkeet vun der Europäescher Unioun an ëm d'Vermeidung vun zousätzleche Krisen.

Ech wëll kuerz dann op de Recoverypak vun de 750 Milliarden Euro vun der Kommissioun agoen, wouvunner en Deel jo och Direkthëllef solle sinn. Dat geet an eisen Aen eeben an déi richtig Richtung, well hei eng weider Verschëldung vun deene schwache Staate verhënnert gëtt. An déi Konditiounen därfeen eeben net u Spuerpolitik wéi fréier emol gelinkt sinn. Mir müssen an zukunftschräeg Investitiounen investéieren. Fir e puer Beispiller ze nennen: Infrastrukturinvestitiounen zum Beispill. Et ass an de leschte Wochen a Méint ëmsou méi dovunner geschwat ginn. Et kann een zum Beispill soen, dass mer müssen an de grenzüwwerschreidenden europäesche Fernverkéier vum

Zuch investéieren, wat immens wichteg ass, grad wa mer iwwert d'Zukunft schwätzen.

Mir müssen d'ökologesch Transitioun weiderbréngen, den Ausbau vun erneierbaren Energieën an och eng méi nohalteg Landwirtschaft, grad och en vue vun der Stärkung vun der Biodiversitéit, eng vun deene gréisste Krisen, déi awer gären am Schiet vun der Klimakris steet.

Mat deene Suen hei, mat deene Sue vun deem Recoveryplan därëf op kee Fall an al Modeller investéiert ginn, déi keng Zukunft hunn an déi net mat onsen Ziler vu méi Klimaschutz an also och méi Liewensqualitéit an den nächste Jore vereinbar sinn.

Dat heescht awer natierlech och, dass mer fir d'Zukunft verschidden europäesch Subventionsmodeller müssen a Fro stellen, déi eeben am Moment net nohalteg ausgeriicht sinn. A mir musse kucken, dass eeben déi nei Mëttele, déi mer hei ginn, net gläichzäiteg fundamental mat aneren Zilsetzungen, déi mer hunn, a Kontradiktioun sinn. An och do wëll ech kuerz déi gemeinsam Agrarpolitik nennen, ee vun den deéckste Päck, déi d'Europäesch Unioun bezilt, wou virun allem awer zum groussen Deel mat der Strenz einfach verdeelt gëtt, amplaz cibléiert no de Krittären, déi ons wichteg sinn.

Da musse mer natierlech och kucken, dass d'Europäesch Unioun méi staark eege Finanzéierungsmodeller kritt. An do sinn eng ganz Rei interessant Pisten, déi an der Diskussioun sinn, zum Beispill eng Digitalsteuer, eng CO<sub>2</sub>-Bepräiung un den europäeschen Aussegrenzen op Importer aus Drëtstaaten, eng Plastiksteuer, d'Ausweitung vum Emissionshandel zum Beispill op de Schëffsverkéier oder de Fluchverkéier.

Alles dat si Proposen, déi duerchaus Sënn maachen an déi ons weiderbréngen an dem Klimaschutz op europäeschem Niveau an och esou déi budgetär Komponent vun der Europäescher Unioun géife stäerken an den europäesche Budget och méi resilient maachen. Eeben duerch nei Finanzéierungsquelle wier d'Europäesch Unioun an Zukunft manner ofhängeg vun de staatleche Kontributiounen.

Här President, Dir Dammen an Hären, de Gesetzesprojet hei iwwert d'europäesch Staatsgarantien huet d'Ennerstëtzung vun de Gréngen, an ech wëll dem Rapporteur och villmools Merci soe fir säi mëndlechen a schrëftleche Rapport. Et geet eeben drëm, fir europawäit hei Moyenen a Form vu Garantien zesummenzeleeën. Lëtzebuerg mécht dat mat 150 Milliounen Euro. Dat ass an onsen Aen en éischte richtige Schrëtt.

Mir all profitéieren dovun, dass mir als oppent Land an dem Bannemaart vun der Europäescher Unioun sinn a vun der ganzer Europäescher Unioun. An et ass eis Pflicht, dass mer och hei Solidaritéit weise mat deene Länner, dehene an manner gutt geet an der Europäescher Unioun an dass mer si ënnerstëtzen op déi hei Aart a Weis, awer och iwwer anerer, an ech hunn dat scho gesot. Et hätt eeben immens negativ Konsequenzen, wa mer hei erëm eng Kéier géifen den Euro zesummebriche loossen oder eng gréisser Kris hätten. An dat probéiere mer mat deem heiten ze vermeiden.

Doriwwer eraus ass et natierlech an onsen Aen och wichteg, dass mer méi wäit ginn an d'europäesch Mëttele stäerken. Ech hunn den europäeschen Relancepak vun der Kommissioun mat senge 750 Milliarde fir d'Verstärkung an der Eurozon ugeschwat. Aner Punkte sinn d'Verstärkung vun dem europäesche Budget, mee et kéint een och anerer nennen. Dat heiten ass eng Chance, fir de Memberstaaten ze hëllefe bei enger nohalteger an digitaler Transitioun an europawäit de Green Deal ëmzesetzen an a Richtung vu méi Klimaneutralitéit d'Länner ze ënnerstëtzen.

An deem Sënn soen ech lech Merci fir d'Nolauschten.

► **M. Fernand Etgen, *Président.***- Merci villmools, Här Benoy. Nächsten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Gast Gibéryen. Här Gibéryen, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Gast Gibéryen (*ADR*).**- Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kollegen, ech wëll och vun eiser Säit aus dem Kolleg André Bauler Merci soe fir säi Rapport an och d'Manéier, wéi en eis Sëtzunge vun der Finanzkommissioun ëmmer ganz demokratesch an objektiv leet.

Ech mengen, dat Gesetz, wat mer haut hei stëmmen, dat ass e Gesetz, wat am Fong op europäeschem Niveau, wéi gesot gëtt, eng gewësse Solidaritéit soll erviruffen tëschent de Memberstaaten, wou déi Länner, déi méi schlecht dru sinn, iwwert dës Weeër solle gehollef kréie respektiv iwwert dës Wee Emprunten zur Verfügung gestallt kréie mat méi engem niddregen Taux, wéi dat wier, wa si missten direkt en Emprunt huelen. An dësem

Fall kënne se zréckgräfen op en Emprunt, dee vun der Europäescher Unioun géif opgehooll ginn a wou dann dervun ausgaange gëtt, datt déi Emprunten, déi d'Europäesch Unioun da kéint ophuelen, op engem relativ niddregen Taux bis zum Null-Taux kéinten opgehooll ginn.

Et ass de Programm SURE, dee schonn hei ernimmt ginn ass, ech brauch net méi op d'Detailer anzegoen, dee virun allem d'Kuerzaarbecht soll garantéieren an deene Staaten, fir datt déi ka finanzéiert ginn, eng Moossnam, vun där mir als Lëtzebuerg sécherlech net wäerte profitéieren. Et ass de Garantiefong vun der BEI, deen zur Verfügung steet, duerch deen d'Memberstaate Garantie kréien a wou de Lëtzebuurger Staat, zesumme mat deenen anere Staaten, 25 Milliarde garantéiert an den ESM stellt de Memberstaate Ligne-de-créditen zur Verfügung bis zu enger Héicht vun 240 Milliarden.

De Lëtzebuurger Staat, also Lëtzebuerg, ass heirun direkt bedeelegt mat 110 Milliounen Garantien, déi an enger zweeter Phas kënnen op 150 Milliounen eropgoen. Et ass kloer, datt déi Garantien net direkt bezuelt ginn, mee datt dat Garantie sinn, déi an deem Fall, wou ee vun deene Memberstaaten déi Sue kritt huet an net à même wier, fir zréckzebezuelen, géifen antrieden, an zwar ass all Land da bis zum Maximum vun där Zomm, fir déi et garantéiert huet, zoustänneg, fir déi zréckzebezuelen.

Déi grouss Fro, déi sech an dësem Debat stellt: Ass et eng Vergemeinschaftung vun de Scholden? Jo oder nee? D'Auteurs soen: „Nee, et ass keng Vergemeinschaftung.“ Mir als ADR soen: „Dach, et ass eng Vergemeinschaftung vun de Scholden!“ Den Traité vu Maastricht am Kader vun der Währungsunioun huet nämlech explizit verbueden, datt Scholde vergemeinschaft ginn. An eiser Meenung no ass hei eng Vergemeinschaftung vun de Scholden, well Memberstaate Scholden ophuelen, a wa se déi net zréckbezuelen, da müssen déi aner Memberstaaten duerfir haften an déi Scholde bis zu deem Plaffong, zu deem se sech engagéiert hunn, zréckbezuelen.

Mir sinn also der Iwwerzeegung, datt dat heiten, iwwert deen dote Wee, eng Vergemeinschaftung vun de Scholden op europäeschem Niveau ass a contraire zum Traité vu Maastricht.

Et muss een och wëssen, wat een hei fir e Wee aschléit. Solidaritéit ass ëmmer e gutt Wuert. Mee hei muss ee wëssen: Déi Länner, déi hei eng staark Verschëldung hunn - mir schwätze vun deene Länner wéi Italien, Spuenien, Griicheland -, déi Situatioun, an déi déi Länner haut komm sinn, dat ass eng Situatioun, déi jo a priori iwwer Joren duerch politesch Decisiounen an deene Länner zustane komm ass. An do sinn och vill politesch Decisiounen geholl ginn, déi mir als Lëtzebuerg sécherlech net geholl hunn, well mer ëmmer versicht hunn, eng responsabel Finanzpolitik ze maachen, ze kucken, datt eis Staatsfinanzen net ze vill an den Defizit kommen, fir datt mer als Land ëmmer eng staark finanziell Situatioun hunn.

Dat war an deenen anere Länner net ëmmer de Fall, an do si ganz dacks, a mir konnten dat jo och ëmmer iwwert d'Medie verfolge, Politicke gemaach ginn, ganz dacks sinn elektoral Decisiounen geholl ginn, déi net ze verantworten waren. An elo doduerch, datt mer am Fong eng Scholdepolitik aféieren, déi vergemeinschaft gëtt, hunn déi Länner elo nach vill manner Hemmungen, fir hir Länner an eng finanziell Situatioun ze drainéieren, well se jo wëssen, datt déi aner Länner fir Scholden haften, déi si maachen.

An do muss een och wëssen, datt dat heiten als eng Konsequenz huet, an ee vu menge Virriedner huet et ugeschwat, datt herno dat Ganzt muss bezuelt ginn an datt mer herno am Fong och wäerten europäesch Steieren, weider europäesch Steiere kréien, wou mir als ADR och dergéint sinn. Mir sinn der Meenung, datt nëmme d'Staaten, déi eenzel Staaten, därfeen e Recht hunn, Steieren opzehiewe vun hire Bierger an hire Betriber, an dann eeben iwwer Accorden, déi getraff ginn, déi eenzel Staatsbudgeten den europäesche Budget finanzéieren. Awer iwwert d'Europäesch Unioun därfeen net Steieren opgehewe ginn! Well Europa ass kee Staat, Europa huet keng direkt Bierger, Europa kann also an eisen Aen och keng Steieren ophiewen.

Doriwwer eraus muss ee wëssen, datt dat e ganz groussen Demokratiedefizit gëtt. Wann hei am Land eng Regierung oder e Parlament decidéiert, eng Steuer anzeféieren, eng Steuer ze erhéien, dann huet de Bierger e Recht an eng Méiglechkeet, bei den nächste Waleen dat ze ënnerstëtzen oder ze sanktionéieren. Wann op europäeschem Niveau eng Steuer agefouert gëtt, gëtt et déi Méiglechkeet net. Déi Méiglechkeet gëtt et net! E Bierger kann net eng Europäesch Unioun, eng Europäesch Kommissioun oder Gott weess wat fir ee Gremium op europäeschem Niveau sanktionéieren. An och

am Europaparlament kann e Lëtzebuurger Bierger net sanktionéiere mat deene puer Leit, déi mir do hunn an deene puer Stëmmen, déi mir doranner ofginn. Et entsteet also do e groussen demokrateschen Defizit.

Och steet zu dësem Zäitpunkt net fest, ob déi Moossnamen iwwerhaupt a Kraaft trieden integral, well jo op europäeschem Niveau och nach keng Accorden zu deene Moossnamen hei bestinn. Dat heescht am Fong: Mer stëmme preventiv e Gesetz, fir datt eebe Lëtzebuerg kann op europäeschem Niveau, wéi vläicht och aner Staaten dat preventiv stëmmen, soen, datt mer d'Virussetzung geschaft hunn, fir deen Accord do ze ginn, woubäi mer awer wëssen, datt verschidden aner Länner momentan nach ganz retizent sinn, fir an déi do Richtung ze goen.

Och ass net gewosst, ënner wat fir enge Konditiounen déi Länner déi Emprunte kréien. Kréie se déi op 10 Joer? 20 Joer? 30 Joer? Mir hunn déi Fro an der Kommissioun gestallt. Do hu mer keng kloer Äntwert drop kritt. Do ass gesot ginn, et géif warscheinlech gekuckt ginn, fir relativ laang Zäitraum fir déi Emprunten ze maachen. Dat heescht, mir leeën hei eng Hypothék op, déi am Fong dann an 10, 20 oder 30 Joer wäert zum Spille kommen.

Et muss ee wëssen, datt eiser Iwwerzeegung no déi betraffe Länner, mir hu se elo schonn e puermol heibanne genannt, net wäerten, weeder an 10 nach an 20 Joer, à même sinn, fir hir Scholden zréckzebezuelen. Souguer Lëtzebuerg, e Land wéi Lëtzebuerg, wat sech jo brettzt, finanziell staark ze sinn, ass net à même, fir seng Scholden zréckzebezuelen.

Fir Scholden zréckzebezuelen, muss e Staat en Iwwerschoss a sengem Budget maachen, soss kann e keng Scholden zréckbezuelen. A Lëtzebuerg huet am Fong vun 2003 bis haut all Joers en Defizit a sengem Staatsbudget gehat mat Ausnam vun 2007. 2007 hate mer fir d'éischt en Iwwerschoss, an elo, 2018-2019, si mer relativ an den Equiliber komm a mir konnten och 2019, mengen ech, eng Kéier 400 Milliounen Kapital zréckbezuelen. Dat ass am Fong op 17, 18 Joer eng Kéier, wou mer à même waren, fir eebe kënnen e puer Honnert Milliounen zréckzebezuelen. An all déi aner Joren hu mer nëmme misse Scholde maachen, fir eeben déi Defiziter ze decken.

An da wëll ech lech zum Ofschloss nach soen, Här President: Kuckt ons finanziell Situatioun! Déi ass eiser Meenung als ADR no bei Wäitem net esou roseg, wéi se vun der Regierung duergestallt gëtt! Wa mer nämlech d'Kris kucke vun 2008, do hate mer 10 % Defizit, Schold vis-à-vis vum PIB, dat ass deemools bis 2012, also iwwer 5, 6 Joer, vun 10 % op 20 % eropgaangen.

An der Kris vun haut, do geet et am Fong vun 2020 op 2021 vun 20 % op 30 %, also vill méi rapid erop wéi an der d'Kris vun 2008. An d'Kris vun 2008 huet och gewisen, datt déi Joren duerno, datt net op ee Joer oder op zwee Joer d'Kris am Grëff war, mee d'Repercussiounen op de Budget, déi hunn eng Rei vu Jore gedauert. An och hei wäert déi Kris iwwer 2021 eraus Repercussiounen op de Budget hunn.

An haut, mengen ech, géif keen hei d'Hand an d'Feier leeën a soen: „Vun 2022 un hu mer de Budget erëm am Equiliber!“ Mir hunn en doudsécher net am Equiliber, soudatt mer och no 2021 wäerte weider Schold maachen. An ech si praktesch iwwerzeegt, datt mer an dëser Legislaturperiod duerfir iwwert déi 30 % wäerte kommen. A vu datt mer och an Zukunft dann net à même sinn, Scholden zréckbezuelen, bleiwe mer prozentual op deem Taux stoen. An déi nächst Kris kënn bestëmmt, an da gi mer vun 30 % op 40 % oder 45 % erop.

Also, mat där Politik, déi mer esou maachen, geet Lëtzebuerg lues, Schratt fir Schratt, och an déi Richtung vun deene Länner, deene mer mat dësem Gesetz wëllen hëllefen. An duerfir stëmmt d'ADR géint dës Gesetz.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. Fernand Etgen, *Président.***- Villmools merci, Här Gibéryen. An da wier et um honorabelen Här David Wagner. Här Wagner, Dir hutt d'Wuert.

► **M. David Wagner (*déi Lénk*).**- Merci, Här President. Bon, ech wäert mam konsensuellen Deel ufänken, dee wäert net laang daueren. Mee mir wäerten de Projet de loi matdroen. Mir wäerten de Projet de loi matdroen, well mer mengen, datt déi Participatiounen un deene Garantie fir déi zwee Instrumenter - dat eent, fir de Chômage partiel ze assuréieren, dat anert Instrument, dat iwwert d'Banque européenne d'investissement fiert -, datt net vill





dergéint schwätzt, fir déi Mëttelen ze benotzen. Ob déi Mëttele wierklech d'Panacée duerstellen, dat wäert sech erausstellen. Mir mengen net onbedéngt, datt dat déi grouss Léisung wäert sinn. Also, déi zwee Instrumenter kënnen mer matdroen.

Et ass awer evident, an et ass jo esou, mir wëssen dat, datt dat Gesetz, dat mer haut stëmmen, sech jo op déi Garantie beschränkt, mee natierlech agebett ass an engem ganze Plan de relance, agebett ass an engem sougenannte Plan de relance vun der Europäescher Unioun, deen och iwwert den Europäesche Stabilisatiounsmechanismus soll lafen.

Do si mer net méi esou averstanen, wéi et leeft. An do fänkt et un, e bësse quokeleg ze ginn. Ech mengen, den Här Gibéryen, mäi Virriedner, huet elo virdrun e bëssen esou d'Stëmm, on va dire, vun den Austeritéitslänner gespillt, vun den nördleche Länner, mir kenne se, Holland, Dänemark an esou weider an esou virun, deelweis jo och Däitschland, déi der Meenung sinn, datt een u sech mat deenen anere Länner, déi Strukturdefiziter hunn, déi méi aarm sinn, net solidaresch soll ëmgoen. Dat ass déi egoistesche Positioun aus dem Norde vun Europa, déi an eisen Aen och nach a kengem Fall justifiéiert ass, well ech hoffen, datt déi Regéierend an den nördleche Länner vun Europa sech bewusst sinn, datt, wann déi südlech Länner an Europa komplett faillite sinn, da wäerte si mat an d'Faillite erofrutschen.

Dofir si mir ganz kloer der Meenung als Lénk, datt ee Solidaritéitsmechanisme brauch, datt een Transferte brauch vu räich no manner räich, datt een awer och eng Ekonomie opbaue muss. Dat ass déi eng Saach.

Duerno stellt sech awer d'Fro, ob dee Mechanismus tatsächlech esou solidaresch ass, wéi en da kléngt. Well souwäit ech elo nach an der Press gesinn hunn, dat evolueiert jo permanent, ass de Plang vun der Madam von der Leyen jo u sech e Kompromëss tëscht den austeritären Länner an de manner austeritären Länner. Bon, meeschtens hu se awer och eng relativ neoliberal Regierung, soi-disant. Passons, egal. A Frankräich jo och, dat ass jo keng ganz sozial Regierung, déi do zu Paräis sëtzt. Mee soit, dat ass e Kompromëss.

An da kënn dat, wat och an der Kommissioun gesot gouf, datt déi Hëllef en Konditionalitéit wäerte gebonne sinn. An, mir kennen dat natierlech, datt déi Konditionalitéit jo och, deemno wéi, wann ech richteg verstanen hunn, den Här Gramegna hat dat jo och gesot, oder Verrieder vum Finanzministère hunn dat jo och gesot, datt d'Troika u sech dat och misst surveilléieren, deemno wéi, wann ech mech net ieren.

D'Troika, pour rappel, datt sinn u sech d'Fonctionnaires, d'Technokrate vum Fonds monétaire international, vun der Europäescher Zentralbank, vun der Europäescher Kommissioun. Leit, déi strictement keng demokratesch Legitiméierung hunn, mee eendeitig méi ze soen hu wéi all anert Organ an der Europäescher Unioun, wat eng demokratesch Legitiméierung huet!

A si waren um Wierk a Griicheland. Si hu Griicheland deementspreechend futti gemaach. Mir kréie gesot an der Finanzkommissioun vum Finanzministère: Si hu Griicheland gerett! Ech weess dat net. Mee ech sinn der Meenung, datt déi Leit, déi mengen, datt d'Troika Griicheland gerett huet, sollen op Athen goen oder op Thessaloniki goen, oder an iergendenger griichescher Stad dorëmmer lafe mat enger Pancarte, wou grouss dropsteet „I love the Troika“, an dat och nach op Griichesch, a versichen, zéng Minutten iergendwéi ze iwwerliewen. Do gëtt et e Marathon, do gëtt et e Marathon! Ech kann lech assuréieren, datt dat esou eppes gëtt.

An et muss ee sech iwwerhaapt och d'Fro stellen, ob a Länner wéi, ech weess net, Portugal, Spuenien an esou weider, dat Wuert „Troika“ an iwwerhaapt déi ganz Politik - dat ass wéi den Houseker - wäert gräifen. Well si wësse ganz genau, datt et e Präis gëtt, deen ee muss bezuelen: Strukturereformen, wéi si dat nennen. An déi Strukturereformen, déi treffe wien? Natierlech d'Service-publicken, am Prinzip, a si treffen d'Aarbechter. Si treffen ni d'Kapital. Si treffen ni déi, déi wierklech schold sinn un der Kris!

Et gouf gesot, an ech mengen, et si vill Leit frou, datt déi heite Covidkris, déi ekonomesch Kris, an där mer sinn, an déi Rezessioun, déi wäert kommen, strictement näischt mat de Banken ze dinn huet.

Mee wann een awer e bësse kuckt, wéi an deene Méint virun dem Covid sech d'Saach iwwerhaapt entwéckelt huet, wann een e bësse sech bewusst ass, datt mer souguer Taux-néga-

tiffen haten, well esou eng Kris amgaange war, sech unzëbanen. Et wouss een natierlech net esou richteg, wéini se géif declenchéiert ginn a wou se géif declenchéiert ginn. A glécklecherweis ass den hellege Covid komm - op eng gewëssen Aart a Weis - an e konnt natierlech d'Banken an hir politesch Verrieder an deem Sënn e bësse retten: Also gesitt Der, et ass net eis Schold dës Kéier!

Mee neen! Mir sinn der Meenung, wann ëmmer gesot gëtt, mir missten d'Léieren aus der Vergaangenheet zéien an aus dëser Kris zéien, misst dat och um europäeschen Niveau lafen. Mir mengen awer net, datt elo mat deem soi-disant Plan de relance, deen ...

Den Här Gibéryen mengt tatsächlech, dat wär eng Mutualiséierung vun den Detten. Mee ech hoffen, datt d'ADR ganz genau weess, datt dat guer net esou an déi Richtung geet, well et u Konditionalitéit jo geknäppt wäert sinn, u Sozialofbau wäert geknäppt sinn. Dat heescht, dat ass guer näischt, wat magnanime ass. Dat ass net esou, wéi wa mir hei am Norde wäerten eist Geld einfach esou am Süden dohinnerpuchen. Au contraire: Si wäerte bludden! Vläch mir och eng Kéier, dat weess ee jo net, well et ass net nëmmen eng Kluft tëschent Norden a Süden. Soit.

Mir mengen net, datt mer elo an eng Richtung ginn um europäeschen Niveau, wou een d'Lektioun aus der Vergaangenheet gezunn hätt, mee et geet genau an déi selwecht Richtung wéi virdrun. Leider ass et esou, den Einstein huet et jo scho gesot, datt een e Problem net léise ka mat de Leit, déi um Ursprung vum Problem waren.

Dat heescht, et brauch een e politesche Wandel. D'Leit mussen wëssen, datt, soulaang plus ou moins déi selwecht politesch Parteien an déi plus ou moins politesch Stréimungen un der Muecht sinn an deene verschiddenen europäesche Länner oder um Niveau vun der Europäescher Unioun, sech näischt Fundamentales wäert änneren, an datt mer herno erëm Business-as-usual hunn an datt mer warscheinlech a Richtung vu former Austeritéit ginn, well mer a Richtung vun enger Rezessioun ginn.

A mir wësse ganz genau, datt, wa mer net a Richtung gi vun enger Ëmverdeelung vum Räichtum, een awer weinstens kéint versichen, d'Traitée ze änneren, datt d'Lëtzebuurger Regierung sech och op europäeschem Niveau kéint engagéieren, datt zum Beispill och d'Europäesch Zentralbank endlech kéint d'Dette vun de Länner opkafen, datt d'Europäesch Zentralbank och kéint direkt un d'Staate léinen zu engem Taux, dee ganz akzeptabel ass, wéi all Land op der Welt dat och ka maachen, wéi d'Amerikaner dat kënnen maachen an anerer och. Firwat kann een dat hei an Europa net maachen?

An dat ass ee vun de fundamentale Problemer. A firwat kéint och net d'Lëtzebuurger Regierung sech endlech engagéieren, fir déi geckeg Stabilitéitskrittären endlech ofzeschaffen? Si funktionéieren net wärend der Kris, mee se hunn och net virun der Kris funktionéiert. Dat si fundamental antisozial an antidemokratesch Krittären, déi do festgehalte ginn, déi d'Staaten dorunner hënneren, déi néideg Investitiounen ze maachen, déi néideg Investitiounen an de soziale Servicer ze maachen, déi néideg Investitiounen an den ëffentleche Servicer ze maachen. Si hunn net funktionéiert!

Lëtzebuerg, d'Lëtzebuurger Regierung, ech wier frou, wann d'Lëtzebuurger Regierung sech op europäeschem Niveau géif engagéieren fir eng fundamental Reform, wa se sech fir en Ofschafe vun deene Stabilitéitskrittäre géif engagéieren, a wa se sech fir eng fundamental Reform vun der Europäescher Zentralbank géif engagéieren, an dann awer eng aner Politik bedreiwen.

Wann et net geet op europäeschem Niveau, da kann ee Grupp vu Staaten dat vlächet och maachen, mee datt een awer och duerno iergendeng Kéier d'Suen do siche geet, wou se sinn an datt een do richteg Steieren ophieft, op Fongen zum Beispill.

#### (Interruption)

Ech menge wierklech, jo, et muss een d'Kapital taxéieren. Ech weess, d'ADR geet léiwer d'Sue siche bei den Aarbechter an net bei d'Kapital.

► **M. Gast Gibéryen (ADR).**- O!

► **M. David Wagner (déi Lénk).**- Mir wëssen, wat fir e falscht Spill Dir spillt! Mir sinn eis deem ganz bewusst. Dir hutt dat jo elo erëm grad bewisen. Mee mir sinn der Meenung, datt dës Kéier d'europäesch Regierunge mussen d'Suen do siche goen, wou se wierklech sinn, net bei de Leit, mee justement bei de grouse Fongen a bei de grouse Societäten! Mir wäerten déi Sue brauchen.

Ech soen lech Merci.

► **Une voix.**- Ganz gutt!

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Wagner. Leschten agedroene Riedner ass den honorabelen Här Sven Clement. Här Clement, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Sven Clement (Piraten).**- Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, d'Coronakris huet der europäescher Wirtschaft e bëssen Dämpfer verpasst, well bal all Handelsaktivitéiten an de leschten dräi Méint sinn zum Stëllstand komm oder hu missen op e ganz niddregen Niveau erofgefuert ginn. Och elo, wou et schéngt, datt mer déi éischt Well e bëssen ënner Kontroll hale kënnen, gëllen trotzdem nach eng Rëtsch Beschränkungen fir d'Gestaltung vun eisem normalen Alltagsliewen an domadder och vun den Handelsaktivitéiten.

Dës Beschränkungen hunn natierlech ëmmer nach en Afloss op d'Konjunktur, well all Mesure, déi d'Ausbreedung vum Virus verhënnert, och eng Brems ass, fir verschidde Wirtschaftsaktivitéiten auszuféieren.

Ech denken do zum Beispill un d'Eventbranche, déi queesch iwwert d'Welt zum Erleie komm ass. Dëst Joer ginn et keng grouss Evenementer. Et gëtt keng Fussballeuropameeschterschaft, keen Tomorrowland, fir déi, déi op déi Musek stinn, oder keen Oktoberfest fir déi, déi gär den däitsche Béier drénken. An och zu Lëtzebuerg wäerte grouss Evenementer wéi d'Fouer, de Bluesfestival oder d'Festivitéiten zum Nationalfeiertag net stattfannen. Wat mech natierlech och perséinlech e bëssen traureg mécht, well et ass awer ëmmer flott, bei deene Fester ze zelebréieren.

► **M. André Bauler (DP).**- Och „Al Dikrech“.

► **M. Sven Clement (Piraten).**- An, Här Bauler, jo, och „Al Dikrech“ fällt dëst Joer, souwäit ech dat matkritt hunn, leider flaach, ausser de Buergermeeschter géif eis eppes aneres soen.

#### (Interruption)

D'Netstattfanne vun dësen Evenementer bréngt natierlech fir d'Organisateuren an och d'Participanten integral eng Perte mat sech. Am Fall, wou dës Aarbechter an Indépendantë kee gläichwärtegt Ersatzakkommes kréien, si se natierlech an hirer Existenz bedrot.

D'sanitär Restriktiounen, déi hu misse getrafft ginn, hunn also e ganz direkten Effekt op d'Erschafe vu Valeuren an eiser Wirtschaft. Wat eis Mesurë méi restriktiv sinn, wat méi Leit dorunner gehënnert ginn, hir Aarbecht ze realiséieren an domadder och Valeur an eise Wirtschaftssystem ze pompelen. Dat gesäit een dann un den Zuelen, wann notament de PIB abrécht.

D'EU-Kommissioun rechent dëst Joer mat engem Abroch vu 7,5 % par rapport zu 2019. Dat ass an absoluten Zuele ronn eng Billioun Euro, déi an deene leschten dräi Méint net geschaaft gouf. Eng Billioun Euro, déi net un Aarbecht konnt realiséiert ginn an déi an Zukunft och net méi realisierbar ass. Déi Suen, déi Valeur ass verluer. Dat ass e Lach an et gëtt keng aner Méiglechkeet, wéi elo iwwer Erspuerneser a Kreditter derfir ze suergen, datt dat Lach vun enger Billioun Euro net déi Falsch an eiser Gesellschaft verschlénkt.

Aus dësem Grond hunn d'EU-Kommissioun an de Rot decidéiert, insgesamt 540 Milliarden Euro ze mobiliséieren, andeems d'EU-Länner op de Finanzmäert fir gutt Konditiounen schnell an einfach Sue léine kënnen an esou hoffentlech d'Konsequenze vun der Covid-19-Kris op hir Ekonomien ofschwäche kënnen.

Ech betounen, datt et sech heibäi ëm Präten handelt, déi d'Memberlänner onbeuecht vun hirer Staatsschold kënnen ophuelen an déi awer iergendwann an Zukunft mussen zréckbezuelen ginn.

A jo, den Här Gibéryen huet Recht, wann e kritiséiert, datt d'Staatsschold reegelméisseg net ofgebaut gëtt. Wat een awer eierlecherweis muss soen, ass, datt Lëtzebuerg zum Beispill, trotzdem datt et all Joer erëm op de Mäert Sue léint, keen „default“ gemaach huet. All Prêt, dee geholl gouf, ass mat Zëns an Zënsezënns zréckbezuelen ginn. An et ass ze erwaarden, datt och hei d'Destinataire vun dëse Präten dës zesumme mat den Zënse an Zënsezënse zréckbezuelen.

Insgesamt ginn dräi Finanzéierungssailen opgestallt, fir d'Aarbecht, d'Entreprise an d'Lutte directe géint de Covid ze finanzéieren. D'Finanzéierung leeft eemol iwwert den europäesche Stabilitéitsmechanismus, eemol iwwert d'EIB, d'Europäesch Investitiounsbank, an eemol iwwer e Sécherheetsnetz, wat dem Chômage partiel ganz no kënn, mam Akronym SURE.

Dës Fonge si gedeckt mat staatleche Garantien, well ouni Garantien, dat weess jiddwereen, deen e Prêt huet, gëtt et kee Geld op de Marché. Dës Garantieë treffen duerfir och Lëtzebuerg, wou mer mat jeeeweils 77 Milliounen an eemol 33 Milliounen dës Fonge garantéieren,

fir datt aner EU-Länner zu gudde Konditiounen Suen op de Finanzmäert léine kënnen.

Et kann een driwwer diskutéieren, ob déi mobiliséiert Zomm duergeet, déi geléint gëtt, well se stellt, wéi ech virdru gesot hunn, nëmmen d'Hallschent vun där Billioun duer, déi vun där Covid-19-Pandemie zerstéiert gouf.

Op jidde Fall huet d'EU hei eppes misse maachen, well et handelt sech, léif Kolleeginnen a Kolleegen, ëm dee gréisste wirtschaftleche Schock zënter dem Zweete Weltkrich. An d'EU huet eppes geliwwert, mat deem allegueren d'EU-Länner kënnen zu gudde Konditiounen Geld léinen.

Elo kënnen mer driwwer diskutéieren, ob et déi perfekt Léisung ass. An egal wat fir eng politesch Richtung een huet, ass all Kompromëss ni déi perfekt Léisung. Mee e Kompromëss ass dat, wat a Verhandlungen nun emol erauskennt. Et ass dat, mat wat jiddwereen e bësse liewe kann a mat wat jiddwereen och e bëssen e Bemoll huet. Duerfir wonnert lech net, wann ech net 100 % mat deem Projet hei averstane sinn, mee et ass dat, wat mer zesummen an der EU konnten opstellen, fir de Leit, den Entrepreneuren an den eenzelne Länner ze hëllefen.

Am Fong ënnerstëtze mir dëse Projet also. Mee an der Form hu mer e bëssen déi nammlecht Problemer gesi wéi de Staatsrot. Dee kleng Puffer vu 40 Milliounen, deen agesat gouf, fir séier kënnen weider Suen ze mobiliséieren, dat ass an eisen Aen net, wéi eng transparent Politik, wou ee fir esou Sue bei d'Chamber kennt, géif fonctionéieren.

Wa mer vun Transparenz schwätzen, wëll ech awer emol d'Fro an de Raum stellen, wéi dës Kreditter dann elo gemanaged ginn. Wie kontrolléiert, datt d'Suen um Enn och bei deene landen, déi se wierklech brauchen?

D'EU selwer kann net de Mikromanagement vun all eenzelnem Kredit maachen. D'EU ass keng Bank, déi eenzel Kreditter verdeelt. Dat heescht, d'EU ass och net responsabel, datt déi eenzel Suen, deen eenzelnen Euro, bei de Leit oder bei den Entrepreneuren ukommen. Hei ass all eenzelt Land an der EU forcéiert, opgeruff, déi néideg administrativ Demarchen ze schafen, fir esou ze garantéieren, datt d'Suen do ukommen, wou se gebraucht ginn.

An esou, wéi eis Piratekolleegen am Europaparlament et scho soten: D'Responsabilitéit läit ganz kloer bei de Regierungen a Parlamenten fir ze kucken, datt d'Suen, déi hei kënnen geléint ginn, do zum Asaz kommen, wou se gebraucht ginn!

Duerfir fanne mir Piraten et wichteg, datt kontrolléiert gëtt, fir datt dës Gelder net bei Multimillionären an auslänneschen Investisseuren landen, mee wierklech an der Realekonomie, do, wou et soss zum Kollaps féiert.

Well et si Kreditter, léif Kolleeginnen a Kolleegen, an dat däreft mer net vergiessen, déi duerch Steiergelder garantéiert ginn, déi duerch Steiergelder um Enn vum Dag finanzéiert ginn. An do däreft et eeben net zu Abuse kommen. An do ass eng extreem Virsicht beim Deboursement a bei de Kontrollen dovunner néideg.

An ech hoffen, an ech sinn u sech confiant, datt eise Finanzminister op europäeschem Plang alles wäert drusetzen, datt dës Garantien agefuert ginn, datt d'Suen do sollen ukommen, wou se gebraucht ginn. Well wann dat net de Fall ass, dann hu mer hei eng schéi 540 Milliarde schweier Usine à gaz produzéiert, déi zur Selbstberäicherung vun deene bäidréit, déi u sech scho genuch hunn. A wann dat sollt sinn, da féiert dat zu méi Politikverdrossenheet, léif Kolleeginnen a Kolleegen, déi definitiv net weider muss promouvéiert ginn.

Zum Schluss, Här President, wëll ech awer nach dem Rapporteur vun dësem Projet Merci soen, well en huet dëse Projet ganz gutt duergestallt. Et ass keen einfache Projet, mat ganzen dräi Sailen. An deementspreechend kann ech awer och den Accord vun eiser Sensibilitéit fir dëse Projet ginn.

Ech soen lech Merci.

► **M. Marc Goergen (Piraten).**- Ganz gutt!

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Clement. D'Regierung huet d'Wuert, den Här Finanzminister Pierre Gramegna.

#### Prise de position du Gouvernement

► **M. Pierre Gramegna, Ministre des Finances.**- Här President, Dir Dammen an Dir Hären Deputéiert, fir d'éischt géif ech gär mat engem duebele Merci ufänken. E Merci un de Rapporteur André Bauler fir säi schrëftlechen a mëndleche Rapport an deen zweete Merci un all déi, déi an dëser Procédure législative implizéiert waren. Mir bréngen haut zesumme fäerdeg, dass mer dëse Projet de loi wäerte stëmmen a manner wéi engem Mount Zäit par rapport zum Moment, wou de Regierungsrot dee Projet de loi ugeholl huet a praktesch och nëm-





men ee Mount, nodeem Europa dës Decisiounen geholl huet.

Dofir e grouse Merci, net nëmmen, well mer kënnen weisen, dass mer séier kënnen schaffen, mee well mer jo gären hätten, dass déi Garantie séier en place kënnen sinn an et ganz schued gewiescht wär, wa Lëtzebuerg do hannen am Peloton gewiescht wär oder wa mer effektiv net virum Enn vun dësem Mount dat hätte kënnen stëmmen, well dann hätte mir d'ganz Prozedur opgehalen. All Land huet sech engagéiert, fir et esou séier wéi méiglech ze maachen. Lëtzebuerg ass do am viischte Peloton. An ech mengen, dat steet eis all gutt zu Gesicht.

Bevir ech op de Projet de loi aginn, well den Debat awer och e Modell 1 war an e bësse méi Zäit war, géif ech gären e bësse aushuelen iwwert déi verschidde Remarken, déi gemaach gi sinn, wou mer dann dru sinn an Europa a wat um Niveau vun der Europäescher Unioun an de leschte Wochen a Méint gemaach ginn ass, fir op dës gemeinsam Covidkris ze reagéieren.

Ech muss lech soen, dass, wann ech elo op déi dräi lescht Méint zrëckkucken, a wann ech elo hätt missen e Statement ofginn am Mäerz, wéi Europa dosteet par rapport zu dëser Covidkris, wär ech extreem enttäuscht gewiescht, extreem pessimistescht iwwert d'Chancë vun Europa par rapport zu haut.

Mir hunn am Laf vum Abrëll, Mee op europäeschem Niveau et fäerdegbruecht, haaptsächlech am Eurogroup an am ECOFIN, fir e Pak auszeschaffen, deen et an Europa nach ni ginn huet. Ech mengen, all déi, déi un Europa gleeuwen, an dat ass d'grouss Majoritéit hei am Parlament, an dat ass d'grouss Majoritéit an eisem Land, kënnen sech nëmmen doriwwer freeën.

Et kann een natierlech ëmmer fannen, dass d'Fläsch nëmmen zwee Drëttel voll ass oder d'Glas zwee Drëttel voll ass an een Drëttel eidel. Mee mir sinn hei iwwert der Hallschent. Mir sinn hei wierklech iwwert der Hallschent voll, wéll ech lech ënnersträichen. An ech géif dat gären e bësse beschreiwen.

Mir hunn dräi Mesurë geholl, déi Urgencemesurë sinn, wouvun der zwou hei den Objet si vum Projet de loi, dat heescht, dat, wat d'BEI mécht, an dat, wat de Projet SURE mécht. Herno kommen ech drop ze schwätzen. Deen drëtten Element ass de Méchanisme europäen de stabilité. Déi dräi zesumme si 540 Milliarden Euro, déi Europa - tëschent Guillemeten - „zur Verfügung stellt“.

Dat huet et nach ni ginn. Ech muss lech soen, mir hunn eis d'Käpp gutt ageschloen. Mir hunn e puer Nuechten drop verbruecht an hu missen awer eng Unanimitéit hunn, fir dat ze maachen, well et nei Instrumenter sinn, déi et virdrun net ginn huet. Kommt, mir ënnerschätzen dat doten net, dass mer dat fäerdegbruecht hunn!

A firwat hu mer dat fäerdegbruecht? Well déi Kris natierlech Tracen hannerléisst an all Land. An dat war d'Haaptargument, firwat och Lëtzebuerg plädéiert huet, méi wäit ze goe wéi dat, wat mer gewinnt sinn, méi wäit ze goe wéi dat, wat d'Traitéen hierginn, well mir sinn all beträff.

Et ass vill gesot ginn hei, dass Länner wéi Italien a Spuenien an e puer anerer méi beträff sinn. Se sinn en fait duebel beträff. Si si beträff vun enger Gesondheetskris a se sinn nach eng kéier beträff, well se keng gutt finanziell Lag hunn. Mee och déi, déi eng gutt finanziell Lag hu wéi mir, si voll beträff. An eis finanziell Lag wäert sech staark degradéieren, vu dass mer dës Joer wäerten en Defizit hu vu bal fënnf Milliarden Euro amplaz en Iwwerschoss. Also mir sinn och beträff. An et war eng Situatioun, wann Europa net hätt kënnen nei Instrumenter schafen an engem Moment, wou d'Kris vu bausse kënnt, vun engem Virus - et ass wéi eng Attack op Europa, se ass zwar net nëmmen op Europa, se ass op där ganzer Welt -, wa mer et do net fäerdegbruecht hätten, eis zesummenzerappen a Saachen zesummen ze maachen, ech soen lech, dat wär d'Enn vun Europa gewiescht!

A mir hunn eis als Lëtzebuerg wierklech dofir geschloen, esou vill mer konnten, an allem, net nëmmen bei de Finanzministeren, och bei den Ausseministeren, beim Premierminister, fir dass Europa soll en Deel vun der Léisung sinn an dass Europa net bausse steet an nokuckt.

► **Une voix.** - Très bien!

► **M. Pierre Gramegna, Ministre des Finances.** - An dat ass dat, wat hei gelongen ass. Ech hunn elo déi dräi Mesures d'urgence ugeschwat. Ech schwätzen elo gläich och eng Minutt iwwert de Recovery Fund, Fonds de relance. Mee kommt, mir vergiessen och d'Zentralbank net! D'Zentralbank huet virun zwee Méint gesot, se géif bis 750 Milliarden Euro un Obligatiounen vun de Memberstaate kafen, an huet virun e bësse méi wéi enger Woch nach gesot, se géif der 600 Milliarde méi kafen.

An esou eng Flexibilitéit hate mer jo och nach ni. An dofir sinn d'Zësen esou niddreg. Mir hunn och dovunner als Lëtzebuerg benefisséiert.

Heiansdo kritt een d'Gefill, net nëmmen heibannen, mee och dobaussen, dass all déi Saachen nëmme gutt si fir déi aner an net gutt wiere fir Lëtzebuerg. Wa mir konnten zu l'icht negativen Zësen 2,5 Milliarden den 18. Abrëll léinen, ass dat weinst där Politik vun der Europäescher Zentralbank. Kommt, mir soen, mir erkennen dat awer och un! Dat kënnt jo eis och zegutt!

Vill vun deene Mesuren, ech kommen nach herno drop zrëck, benefisséieren och eiser Ekonomie, eisen Entrepreneuren, eise Salariéen.

► **Une voix.** - Ganz genee!

► **M. Pierre Gramegna, Ministre des Finances.** - E Wuert zum Fonds de relance, Recovery Fund. Déi Debatt ass nach amgang. 750 Milliarden Donen an och Prëten, wou Lëtzebuerg bereet ass, méi ze maachen, méi ze maachen, en fait, méi wéi säi mathemateschen Deel do bäizesteieren. Mee och do gëtt et Limitten. Mir kënnen och nach e Multipel vun deem erabazuele par rapport zu deem, wat mer erauszéien. Mee och do muss awer eng gewësse Fairness bestoen. Well fir dass déi Saach kredibel ass, a well mer jo all beträff si vun dësem Virus, et brauch een nëmmen d'Zifferen vun eiser Ekonomie ze kucken, minus 6 % warscheinlech dës Joer, jo, da muss och Lëtzebuerg en Deel Beneficiaire sinn.

Zu dësem Projet de loi, well et ugeschwat ginn ass vu Verschiddene mat engem ganz e bësse kriteschen Toun, dass mer hei net transparent wäeren: Mir hätten hei kënnen ee Projet de loi maachen, wou mer nëmmen d'Garantie vum SURE drageschriwwen hätten - déi ass 77 Milliounen -, well dat iwwer 40 Milliounen ass, an déi vun der BEI, déi 33 Milliounen ass, déi hätte mer kënnen maachen, ouni iwwer Gesetz ze fueren. Dat hätte mer kënnen maachen.

Ech wollt dat net. Ech hu fonnt, dass dat do e Package ass, an dofir hu mer déi zwou Saachen zesumme geschloen an dofir insistéieren ech gären drop fir ze soen: Mir hu genau de Géigendeel gemaach! Mir hunn lech, d'Parlament, informéiert vun all deem, wat amgangen ass ze geschéien, an net gesot: „Déi eng Limitt ass 33 Milliounen, dat ass ënner 40 Milliounen, da kënnen mer dat ouni Gesetz maachen!“

Mir hunn och déi Marge de manœuvre agebaut, fir nëmmen net an d'Situatioun ze kommen, dass mer hanner dem Komma, oder e puer Milliounen, jee nodeem, wéi dat ausgerechent gëtt, op eemol eppes gestëmmt hätten, also Dir hätt eppes gestëmmt an der Chamber, wou herno eng Millioun gefeelt hätt. Dofir déi Marge de manœuvre. Et ass also net 77 an 33 gefrot, mee 36 % méi op deenen zwou Plazen. Dat sinn dann 105 Milliounen fir de SURE a 45 Milliounen fir d'BEI.

Wat sinn d'budgetär Konsequenzen fir Lëtzebuerg hei? Dans l'immédiat n'äischt, dans l'immédiat n'äischt! Dat si Garantien, déi mer ginn. Wann alles - tëschent Guillemeten - „richt ausgeet“, wäert dat de Lëtzebuerger Steuerzueler net ganz vill kaschten oder bal n'äischt kaschten.

Mee kommt, mir maachen eis awer och keen A fir en U vir! Ech huelen zum Beispill d'BEI. Do geet et jo drëm, d'Cautionnement vun den Entrepreneuren ze garantéieren. Wa mer nëmme géife Cautionnement ginn un Entrepreneuren, wou de Risk, dass se Faillite maachen, immens kleng ass, jo dann hëllef mer net vill den Entrepreneuren an da verléiert natierlech déi Loi de garantie hiert Zil.

Mir hunn eis vill agesat, fir dass d'PMee sollen den Hauptbeneficiaire si vun de Garantien. An dat ass eis och gelongen, zesumme mat anere Staaten. An ech wëll och, wat d'BEI ubelaangt an d'Cautionnement vun den Entrepreneuren, ënnersträichen, dass natierlech d'Lëtzebuerger Entrepreneuren eligibel sinn, fir dovunner ze beneficiéieren. Dat kënnt also och direkt Lëtzebuerg zegutt.

Wat d'SURE ubelaangt, dat ass dee Scheema vum Chômage partiel. Eischtens hu mir dee Scheema, deen huet net all Land. Verschidde Länner hunn dat guer net, dee Scheema. Mir hunn en a mir kënnen dat selwer finanzéieren. Mir hu warscheinlech keen Interêt, finanziell gesinn, op déi Garantie zrëckzegräifen. Mee mir kéinten et maachen! Mee de Moment stellt déi Fro sech, mengen ech, net.

Mee mir si frou, dass duerch déi Garantie, déi Lëtzebuerg zesumme mat anere Länner gëtt, déi Länner, déi entweder de Scheema net hunn oder dee schwéier finanzéieren kënnen, et kënnen méi l'icht finanzéieren.

Wat ass dann - an ech kommen da schonn op d'Konklusioun - en fait den Interêt vu Lëtzebuerg, wa mer dat elo e bësse breet oder e bessen enk wëlle kucken?

Dat heite sinn zwee Instrumenter vun deenen dräi vun den direkten Hëllef, déi elo direkt en œuvre gesat ginn. Dat heiten ass also e Geste de solidarité.

Zum Zweete garantéiert et de Level-Playing-field, well mir liewen de Moment an enger Periode, déi ganz extra ass, wou d'Kommissioun d'Konkurrenzregelen opgelackert huet par rapport zu deem, wat mer normalerweis hunn, par rapport zu de Ramebedingungen, déi d'Europäesch Unioun normalerweis festsetzt. Verschidde Saachen, déi hei elo geschéien, wäeren normalerweis iwwerhaapt net méiglech, well se eng Distorsioun vu Concurrence maachen.

Zum Drëtten benefisséieren déi Saachen hei - an ech hunn et scho virdrun e bësse ugeschwat - den Entrepreneuren, haaptsächlech d'BEI, mee de SURE benefisséiert den Entrepreneuren an de Salariéen. An de Chômage partiel - ech ënnersträichen dat allkéiers, wann ech nëmme kann - ass net nëmme gutt fir d'Salariéen, en ass och gutt fir d'Entrepreneuren! An et ass, mengen ech, eent vun deenen Instrumenter, déi am beschten ënnersträichen: Eng Wirtschaft, déi gutt fonctionéiert, ass eng, wou et dem Salarié gutt geet a wou et den Entreprisé gutt geet. Dat eent ouni dat anert geet net!

► **M. André Bauler (DP).** - Ganz pertinent!

► **Une voix.** - Très bien!

► **M. Pierre Gramegna, Ministre des Finances.** - Dat Véiert ... Also, déi Instrumenter féieren also derzou, dass mer et wäerte fäerdegbréngen, dass d'Reprise e bësse besser geschitt an e bësse méi séier geschitt an deene meeschten EU-Länner, a grad an deenen, déi méi schwach opgestallt sinn. Do kann ee soen: „Dat ka Lëtzebuerg e bësse egal sinn.“ Ben, do sinn ech awer absolut net domat d'accord an d'Regierung ass net domat d'accord. Au contraire. Eis geet et gutt, wann et deenen aneren och gutt geet!

Wiem verkafe mir dann eise Stol? Wiem verkafe mer eis Satellittservice? Wiem verkafe mer eis Service-financieren? Wiem vermaarte mer eis Investitiounsfongen? Majo, der ganzer Welt, an haaptsächlech an Europa mat der libre Prestation de services, mat der libre Circulation des capitaux, der libre Circulation des biens. An dat d'äerfe mer ni vergiessen!

De Marché unique ass en fait fir eis e richtegeen Tresor. Ouni dee kéint eis Wirtschaft sech iwwerhaapt net entwëckelen. A wa mir natierlech déi Länner duerch déi Instrumenter, déi gutt duerduercht sinn, ënnerstëtzen, hëllef mer deene Länner, mee indirekt hëllef mer eis selwer.

Zum Schluss wéilt ech awer och, fir en iwwerméisseg Enthusiasmus ze bremsen, soen: All Mesure, déi Lëtzebuerg eppes kascht, déi soll natierlech an d'Parlament kommen. Déi soll diskutéiert ginn. An do wäerten nach Saachen op eis duerkommen. De Recovery Fund, de Fonds de relance ënner anere, de Budget pluriannuel vun der EU op siwe Joer. Dat muss alles duerch d'Parlament goen. Dat heescht, Dir wäert dat alles gesinn. A mir mussen dat och kritesch hannerfroen.

Wann ech dat haut mat Enthusiasmus verteidigen, wat hei gemaach gëtt, dann heescht dat net, grad als Finanzminister, dass mir alles duerdwénken. Mir wäerten derfir suergen, dass den Deel, dee Lëtzebuerg dréit, dass dee fair ass, dass dee richtig ass, dass dee proportionell ass. Dass e l'icht méi wéi proportionell ass, kann och an der Rei sinn, mee et muss sech a Grenzen halen. Well effektiv, wéi richtig ënnerstrach ginn ass: Dat heite si Sue vum Steuerzueler.

A wann ee gesäit, wéi séier eisen Defizit fir 2020 klëmmt, da muss een natierlech vigilant a virsiichteg bleiwen.

Ech soen lech Merci fir déi gutt Debatt.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci dem Här Finanzminister Pierre Gramegna. D'Diskussioun ass domat ofgeschloss.

Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 7595. Den Text steet am Document parlementaire 7595<sup>5</sup>.

**Vote sur l'ensemble du projet de loi 7595 et dispense du second vote constitutionnel**

D'Ofstëmme fänt un. Fir d'éischt de Vote électronique fir déi perséinlech Stëmmen. Duerno maachen ech en Appel nominal fir de Vote par procuration.

Wien e Vote par procuration wëllt ofginn, soll d'Hand an d'Luucht hielen.

**Appel nominal (votes par procuration)**

Dann ass de Vott ofgeschloss. An de Projet de loi 7595 ass mat 55 Jo-Stëmme bei 4 Abstentounen ugehall.

► **Une voix.** - 4 Nee-Stëmmen!

► **M. Fernand Etgen, Président.** - 4 Nee-Stëmmen, pardon! Jo! De Projet de loi 7595 ass mat 55 Jo-Stëmmen a 4 Nee-Stëmmen ugehall.

*Résultat définitif après redressement : le projet de loi 7595 est adopté par 56 voix pour et 4 voix contre.*

*Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Marco Schank (par M. Michel Wolter), Marc Spautz, Serge Wilmes (par M. Gilles Roth), Claude Wiseler et Michel Wolter ;*

*MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer ;*

*Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Claude Haagen, Mmes Cécile Hemmen et Lydia Mutsch ;*

*Mme Semiray Ahmedova, MM. Carlo Back, François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen (par Mme Josée Lorsché), Mme Josée Lorsché et M. Charles Margue ;*

*MM. Sven Clement et Marc Goergen ;*

*MM. Marc Baum et David Wagner.*

*Ont voté non : MM. Jeff Engelen, Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.*

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

**(Assentiment)**

Et ass also esou decidéiert.

## 4. Question urgente n° 2412 de M. Mars Di Bartolomeo et de M. Dan Biancalana au sujet de l'avenir incertain du site à Dudelange du groupe verrier américain Guardian

Mir kommen dann elo zur Question urgente Nummer 2412 vum Här Mars Di Bartolomeo an dem Här Dan Biancalana iwwert d'Zukunft vum Guardian-Grupp zu Diddeleng. Den Här Biancalana huet fënnf Minutten, fir seng Fro virzedroen, an der Regierung stinn zéng Minutten zou, fir ze äntweren. Här Biancalana, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Dan Biancalana (LSAP).** - Merci, Här President. Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, merci, dass dës Fro vun dem Mars Di Bartolomeo a mir d'Urgence unerkannt krut.

De Muere konnte een, jo, schonn iwwerraschend an der geschriwwener Press liesen, dass Guardian Europe säi Standuert zu Diddeleng kloer a Fro stellt, well d'Liewensdauer vun de Glasiewen zu Enn kënnt an e considerabelen Invest misst getäteg ginn, fir d'Weiderproduktioun kënnen ze garantéieren.

Guardian produzéiert jo Glas, Flaachglas, an ass e ganz bekannten Zouliwwer vun der Automobilbranche international. Wann d'Produktioun zu Diddeleng definitiv agefallt soll ginn ... Säit 1989 ass Guardian an der nationaler Industriezon Wolser. Déi national Industriezon an deem Raum gouf jo geschaaft als Äntwert op d'Stolkris. An nieft hire Sitten, déi se och zu Käerjeng an zu Bartreng hunn, huet dës Decisioun natierlech e konsequenten Impakt op d'Aarbechtsplazen, bon, an dat och nach a Krisenzäiten.

Viru gutt dräi Joer huet Guardian awer och nach e gréisseren Invest a seng Produktioun zu Diddeleng getäteg, notamment an déi gréng Technologien, fir sech ze moderniséieren a sech och ze conforméieren. An e gouf och dofir vum Staat subventionéiert. An ech konnt mech erënneren, dass ech bei där Aweigung derbäi war.

Duerch déi aktuell Decisioun vu Guardian ass net nëmmen den Industriestanduert - well dat ass en -, den Industriestanduert Diddeleng a Gefor. A mir kënnen eis alleguerne gutt erënneren: Virun déck zwee Joer gouf jo och eng Diskussioun gefouert ronderëm d'Wierk vun Arcelor, also den direkten Noper vu Guardian, a mat ILVA, wou, mengen ech, herno och nach Liberty Steel effektiv d'Responsabilitéit an de Courage hat, et ze iwwerhuelen. Et ass also net nëmmen de Standuert Diddeleng, deen a Gefor ass, mee och den industrielle Secteur hei